

Dofir wollt ech virschloen, dass wa mer schon hei der Reginng eppes mat op de Wee gin, dass mer da soen, wat mir menge wat eng Communauté religieuse reconnue kënnt sin. An ech hu véier Kritären erausfond. Ech wëll nämlech nët nëmme soen, dass "un nombre représentatif de fidèles" misst do sin.

1. Si soll um Weltplang als Relioun unerkannt sin.

2. Si soll op d'manst an engem aneren EU-Land offiziell unerkannt sin. Dann hu mer jo e Renvoi.

3. Si soll bereet si sech dem Ordre public zu Lëtzebuerg ze ënnerwerfen. Ech mengen, mir kënne keng Communauté religieuse fondamentaliste hei unerkennen.

De 4. Punkt as dee mat der Populatioun, mä do hun ech de Libellé erausgeholl aus deem Kritär, deem d'Commission spéciale 1982 am Kader vun der Unerkennung vun den Escher Protestanten libelléiert huet.

Ech liesen Iech also vir.

Ech géif alles stoë loossen, jhust bei Ärem Dispositif géif ech bis "aux dispositions de la Constitution" fueren, an da géif "à condition" gestrach gin.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Här President, mir hun déi Texter nët virleien. Ech kann nëmme en Text stëmmen, dee virläit. Ech kënnt mer awer virstellen, dass d'Fraktioun domat d'accord as. Wann ech dat da géif redigéieren a mir géingen dat renvoyéieren op en Dënschdeg?

M. François Biltgen (CSV), rapporteur. - Dir kritt se schrëftlech eran. Ech lise se jhust vir: "à condition qu'elles soient reconnues en tant que telles au niveau mondial, qu'elles soient déjà reconnues officiellement par au moins un Etat membre de l'Union européenne, qu'elles soient prêtes à se soumettre à l'ordre public, qu'elles soient bien établies au Luxembourg et y soient appuyées par une communauté suffisamment nombreuse et assez représentative dans sa profession de religion".

(Interruption)

Fir dem Här Huss ze äntwerten, nach bleift hei ëmmer Appréciatioun fräi, well et gët keng definitiv, mä ech wollt méi Kritären erabréng wéi d'DP.

Natiirlech bleift Appréciatioun. Et as Gummi, wann den éischte Paragraph bleift. Dat as ganz klor.

"Qu'elles soient reconnues en tant que telles au niveau mondial". Et gi Weltkiircheversammlungen, déi natiirlech nët eng juristesche Assise hun. Dat hei as och eppes wat ee spiert, well d'Zeugen Jehovas zum Beispill sin nët dran an d'Scientology Church och nët.

Dat hei gët och nët déi total Satisfaktioun, mä wa mer wëllten op dee Wee goen, dann hätte mer domat méi Rechtssécherheet wéi mat Ärer Motioun.

M. le Président. - Den Här Henckes huet d'Wuert gefrot.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech hat a ménger Interventioun gesot, datt mer och wëllten op de Wee goen, fir eng Definitioun ze gi vun deem wat eng Relioun as, well et as dorëm wou et geet.

Den Artikel 19 vun der Verfassung as an deem Sënn jo och fräig, datt mer eng Dispositioun kënnen do treffen, wa mer et géinge fir néideg fannen.

Wéi ech elo déi Modifikatiounen héieren hun, déi den Här Biltgen abruecht huet, hun ech jhust ee Problem, dat as, dass ech fäerten, datt mat "religions reconnues au

niveau mondial", mer Reliounen, déi vläicht elo nëmme an e puer Länner aktiv sin, nët kënnten unerkennen.

Dofir kënnt ech schwéierlech mat där Terminologie vu "mondial" d'accord sin. Ech hätt léiwer, wa gesot géif gin, "dans plusieurs pays" oder "reconnues dans un Etat membre de l'Union européenne". Mat esou Formulatiounen kann een d'accord sin, mä "mondial" wir relativ restriktiv. Da kënnte mer zum Beispill d'Anglikanesch Kiirch nët onbedéngt als sollech unerkennen.

M. François Biltgen (CSV), rapporteur. - Et as absolut richtig wat den Här Henckes gesot huet. Ech hun hei "communauté religieuse" mat "religion" verwiesselt. Ech weess, dass een hätt kënne soen "qui professent une religion reconnue en tant que telle au niveau mondial".

(Interruptions diverses)

M. le Président. - Dir Dammen an Dir Hären. Domat wire mer um Enn vun deem Punkt ukomm a mir géinge viruue mat eiser Dagesuerdnung. Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 4243, 4248 an 4249 iwwer d'Benelux-Gesetz vun de Marken a Modeller.

Et war décidéiert gin, dass mer déi dräi Projeté géife mateneen diskutéieren.

Et si bis elo ageschriwwen déi Häre Jung, Schummer a Krecké.

D'Wuert elo de Rapporteur vun de Projets de loi, déi honorabel Mme Lydia Mutsch.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, ech wäerd Iech enttäuschen, ech muss dat maachen. D'Mme Mutsch as krank a kann déi Aufgab nët iwwerhuelen, esou dass - wann Der erlaabt - ech probéiere wäerd, déi dräi Projeté kuerz virzestellen.

2. Projet de loi 4243 portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles, signé à Bruxelles, le 28 mars 1995

Projet de loi 4248 portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles, signé à Bruxelles, le 7 août 1996

Projet de loi 4249 portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux sur les marques, signé à Bruxelles, le 7 août 1996

Rapport de la Commission de l'Economie et de l'Energie

M. Jeannot Krecké (LSAP) en remplacement de **Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.** - Et geet hei am Fong ëm d'Iwwerdroung vu Bestëmmungen aus zwee Protokoller, deem ee vum Mäerz 1995 vu Bréissel an deem anere vum August 1996 vu Bréissel an zwee vun eise Gesetzter, Gesetzter, déi mer u sech op Benelux-Niveau uniform gestaltet hun an déi éischtens d'Marken definéieren - dat as e Gesetz, dat säin Urspronk den 1. Januar 1971 huet - ; an dat zweet geet iwwer d'Zeechnungen oder d'Modeller, deem säin Urspronk den 1. Januar 1975 as.

Nët nëmmen, dass mer en uniformt Gesetz an der Benelux hu wat d'Marken an d'Modeller an d'Zeechnungen ubelaangt, mä mir hun och e gemeinsame Amt zu La Haye. Zum Beispill sin do 1997 24.000 Marken, 3.700 Zeechnungen a Modeller enregistreiert gin.

Hei zu Lëtzebuerg as et de Wirtschaftsministère, dee sech domat ofgët, an zwar de Service de la Propriété intellectuelle a besonnesch deem Service géif ech am Numm vun de Kolleginnen a Kollegen aus der Kommissioun merci soen, fir déi Hëllef, déi en eis iwwer d'Jor gët, well et ganz oft technesch schwéier Projéit sin, déi se probéieren eis Parlamentarier als Nëtspécialisten dann esou schmackhaft a mondgerecht ze explizéieren, dass mer kënnen derhannert gesinn.

Am éischte Projet, dem 4243, geet et u sech ëm dräi Punkten, an zwar éischstens d'Bekämpfung vun Nomaache vun Zeechnungen a Modeller, an do geet et ëm dräi Elementer.

1) Mir probéieren, dass déi juristesche Aktioun, déi ee kann ënnerhuele wann een Titulaire vun esou engem Recht as, kann dozou féieren, dass de Gewinn, deem duerch eng Fälschung entstanden as, muss deem cédéiert gin, dee léséiert as. Dat as heiansdo méi einfach festzestellen wéi de Schued, deem deem entstanden as, doduerch dass en aneren eng Fälschung virgeholl huet. Dat bleift och weiderhi méiglech. Mä hei as eng zousätzlech Barriär agebaut gin. Dat heescht, dee Gewinn, deem doduerch entsteet, dass eng Fälschung gemaacht gin as an dass déi Fälschung op de Maart bruecht gin as, dee Gewinn ka mir zoukommen, wann ech den Titulaire vun deem Recht sin.

2) Den zwete Punkt an deem allgemengen Element iwwer Bekämpfung vu Fälschung as deem, dass deem, deem d'Recht huet, nët nëmmen eng juristesche Aktioun kann ënnerhuele fir sech mä och fir all déi Leit, déi eng Lizenz mittlerweile an deem Domaine hun, dat heescht, déi eng Lizenz kaaft hun.

3) En drëtt Element as am Artikel 14bis. De Fächer vun der Aktioun gët méi grouss gemaacht. Haut as et esou, dass et nach nët méiglech as, déi Gidder, déi Instrumenter, déi Maschinnen, déi zur Fälschung gefouert hun, ze konfiskéieren. Den Titulaire vun dene Rechter kann elo froen, dass déi Instrumenter, déi mat dene Gidder hiergestallt gi sin, him zoukommen, fir sécherzestellen, dass dat nët nach eng Keier passéiert. Dat selwecht gëlt fir d'Einnahmen, déi aus der Fälschung kommen.

Et as esou, dass et méiglech gët an Zukunft, dass een hannerfroen kann, wou déi Gidder hierkommen, well ganz oft, stellt et sech eraus, dass déi Gesellschaft oder déi Persoun, déi erwëscht gin as, nëmmen en Distributeur as, an nët deem as, deem d'Produktioun gemaacht huet. Dat Gesetz hei erlaabt ze hannerfroen bis bei deem, deem et gemaacht huet.

En zwete wichtige Punkt fir d'Lizenzinhaber, déi nët Inhaber vum Recht sin, as, fir denen hir juristesche Aktiounen ofzedecken.

En drëtte Punkt an deem Projet de loi 4243 as en neien Artikel 4bis, wou en Délai de grâce quasi agebaut gët. Wann een d'Beispill hält vun der Moud, do gët ganz oft eng Kollektioun virgestallt an et gët da gekuckt, wéi de Maart reagiert, ier een déi eenzel Modeller enregistreiere léisst. Et kritt een an Zukunft en Délai vun 12 Méint, fir dat ze maachen. Dat war soss nët méiglech. Hei gët engem e Schutz während 12 Méint garantiert. Et ka keen higoen,

deen e Modell gesinn huet an enger Kollektioun, an deem op säin Numm enregistreiere loossen. Dat geet nët.

Bei denen aneren zwee Projets de loi handelt et sech ëm véier verschidde Punkten. Dat eent as, Elementer eriwuerhuelen aus engem Accord, deem am Kader vun der OMC entstanden as, an zwar geet et do ëm d'Aspects des droits de propriété intellectuelle touchant au commerce. Et geet drëm, denc Leit, déi aus engem Land kommen, déi déi Accore vun der Organisation mondiale du Commerce ënnerschriwwen hun, d'Prioritéitsrecht och ze gin.

Dann eppes, wat d'Wäispezialisten interesséiert, dat as d'Appellation d'origine. Wann déi irgendwou drop steet, an et stellt sech eraus, dass dat nët de Fall as, féiert dat zur Nullitéit vun där Appellatioun.

Den zwete Punkt geet zréck op den Traité iwwer d'Markerecht. Dat as en Traité vu Genf vum 27.10.1994, wou u sech d'Formalitéit vereinfacht gin, wann een eng Mark déposiert. Haut muss een extra froen, fir dass eng Recherche am Regëster gemaacht gët. Dat gët elo an Zukunft d'office gemaacht.

Den drëtte Punkt geet zréck op d'europäescht Reglement 3295/94, an dat gët dem Titulaire vun esou engem Recht d'Méiglechkeet, fir d'Douane ze bidden fir Gidder, déi eventuell Fälschunge kënnen sin, Gidder, déi nët konform sin, zréckzebehalen. D'Douane ka sech selwer saiséieren, mä mat där heiten Dispositioun gi mer och d'Méiglechkeet deem, deem esou e Recht huet, dee Régime suspensif an Usproch ze huelen.

De véierten a leschte Punkt betrëfft zwou Moosname verwaltungstechnescher Natur, déi dozou féiere sollen, dass déi Délai méi kleng gin, wann en Dossier agereecht gët hei zu Lëtzebuerg oder bei irgendeiner anerer nationaler Verwaltung, an nët muss ofgewart gin, wat déi national Verwaltung doriwwer denkt, mä dass e gläich ka weidergeleert gin un d'Benelux-Autoritéiten. Domat gët den Délai vun der Behandlung vun deem Dossier wesentlech méi kleng.

Schlussendlech geet et och ëm déi juristesche Verriedung viru Gericht, wou aner Dispositiounen erakomm sin.

D'Chambre de Commerce an de Conseil d'Etat hun absolut keng Bedenke geäussert. Eis Kommissioun huet sech och domat ausenangeresat, an esou wéi de Rapport vun der Mme Mutsch dat opweist, géing ech Iech perséinlech proposéieren, deen Text, esou wéi e virläit, ze stëmmen. Eis Fraktioun wärd dat maachen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Den Här Ady Jung huet d'Wuert.

Discusston générale

M. Ady Jung (CSV). - Här President, honorabel Kollegen. Am Numm vun der CSV-Fraktioun well ech fir d'éischt dem Verrieder vum Rapporteur, dem Här Jeannot Krecké, felicitéiere fir seng kleng Ausféierungen zu denen dräi Projets de loi 4243, 4248 an 4249, déi haut hei zur Diskussioun an zur Ofstëmmung virleien.

Wéi de Verrieder vum Rapporteur erkläert huet, handelt et sech bei denen dräi Gesetzvirschléi ëm noutwendeg Upassungen vun der aktueller Gesetzgebung iwwer de Bureau Benelux des Marques an de Bureau Benelux des Dessins ou Modèles un aner international Verträge a Reglementer.

De Projet de loi 4243 bréngt haaptsächlech als Neierung, datt d'Fro vun de Strofen a vum Schuedenersaz besser

gekläert ka gin, wa géint geschützte Patenter verstouss gouf, a raumt en Zäitraum vun engem Jor an, nodeem e Produkt op de Maart komm as, fir et enregistreieren ze loosser.

An dësem Kontext gët also éischters d'Bekämpfung vu Fälschungen erliechert, zweetens gin dem Propriétaire vun engem Brevet séng Méiglechkeet verbessert, andeem hie selwer Aktiounen géint e Fälscher ënnerhuele kann, an drëttens gët e sougenannten "délai de grâce" agefouert, woumat besonnesch der Moudebranche vill Käschte gespuert gin, andeems d'Designer zwielef Méint Zäit hun, fir e Modell patentéieren ze loosser, wann e wierklech um Maart ageschloen huet.

Wat de Projet de loi 4248 ubelaangt, esou gouf eng Upassung vum gemeinsame Benelux-Markerecht noutwendeg duerch den Accord vu Marrakech vum 15. Abrëll 1994, an duerch de Règlement CE 3295/94 vum 22. Dezember vum selwechte Jor.

Et handelt sech awer besonnesch ëm eng Upassung, déi d'Kontrollméiglechkeet vu verdächtige Wuer bei Kontrolle vun der Douane erliichtere sollen.

Bei dem Projet de loi 4249 spillt zousätzlech zum virgenannten Traité vu Marrakech an dem CE-Reglement nach den Traité vu Genf vum 27. Oktober 1994 eng Roll, woubäi d'Douane d'Recht kritt, fälschungsverdächtige Wuer zrëckzebehalen, fir domat dem Patentbesëtzer d'Méiglechkeet ze gin, en entspreche Constat ze maachen, an iwwer d'Gericht séng Rechter anzekloen.

Et as eng Tatsaach, datt dës Neierungen noutwendeg sin, fir datt net nëmme Marken, Modellen an Zeechnunge geschützt gin, mä datt och besser Méiglechkeet bestin, fir géint Fälscher virzegoen.

Zousätzlech bréngen dës Projetë verschidden Ännerungen a Vereinfachungen vun der Prozedur fir Modellen, Zeechnungen oder Marken unzemellen, wat engersäits d'Käschten erofsetzt, ouni dobäi d'patentrechtlech Sécherheten a Fro ze stellen.

An deem Sënn bréngen ech den Accord heizou vun der CSV-Fraktioun a soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här John Schummer.

M. John Schummer (DP).- Här President. Fir d'éischt wëll ech den Här Krecké als Vertrieeder vun der Mme Mutsch als Rapporteur felicitéieren, an den Accord vu ménger Fraktioun zu denen dräi Projetë bréngen.

M. le Président.- Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President. Ech wëll vun der Geleënheet profitéieren, fir dem Här Krecké merci ze soë fir säin ausféierleche Rapport an enger Matière, déi ganz technesch as, wou mer awer wëssen, dass grouss ekonomesch Interêtën am Spill sin - fir eist Land vläicht e bësse manner -, mä mir hun eis an der Kommissioun soë gelooss, dass trotzdeem eng Parti Entreprises hei am Land dervu betraff sin.

Mir wëssen, dass weltwäit d'Contrefaçon eng Envergure ugeholl huet, déi beängstigend as, déi och gewaltege Schued an der Ekonoméie urlecht, awer virun allem déi Leit, déi innovativ schaffen, d'neie Iddien bréngen, déi nei Marken, nei Modeller entwerfen, doduerch geschiedegt gin.

Vu dass mer alleguer derfir sin, dass d'Innovatioun soll weidergedriwwe gin, kann een nëmme d'accord sin, wann eng Parti nei Mesuren an d'Legislatioun crakommen,

déi et méiglech maachen, fir esou engen Agissementer entgéint ze trieden a fir déi Leit ze schützen, déi op deem Gebitt tätég sin.

Trotz intensiver Recherchen hu mer kee Grond fond, deen eis géing bewegen, fir géint dës Gesetzer ze stëmmen. Dofir wëll ech soen, dass den ADR dës Projetë stëmmen wäird.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President. Mir sange mam Kouer.

M. le Président.- Den Här Minister Goebbels huet d'Wuert.

M. Robert Goebbels, Ministre de l'Economie.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. No där grousser Unanimitéit bleift mir eigentlech nach jhust iwwreg, fir merci ze soë virun allem dem President vun der zoustänneger Kommissioun, dem Här Jeannot Krecké, deen agesprongen as fir dem Rapporteur, der Mme Lydia Mutsch hire Rapport vun denen dräi Projetë virzedroen.

Zum Inhalt vun de Projetën as alles gesot. Et sin där Projetën, déi am Ausland ouni Débat ganz einfach vun der Châmber gestëmmt gin, well mer hei soss näischt kënne wëll jo oder nee soen. Et gët kee Grond fir neen ze soen. Dofir sin ech frou, dass d'Châmber unanime jo seet.

M. le Président.- D'Diskussioun as ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen.

Lecture du texte du projet de loi 4243 (par M. Jean Spautz)

Den Article unique as gelies an ugeholl.

Lecture du texte du projet de loi 4248 (par M. Jean Spautz)

Den Article unique as gelies an ugeholl.

Lecture du texte du projet de loi 4249 (par M. Jean Spautz)

Den Article unique as gelies an ugeholl.

Mir stëmmen de Mëtteg iwwer déi dräi Projetën of.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4394. Den Här Scheuer freet d'Wuert.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President. Et hat um Ordre du jour gestanen, fir de Mëtteg um 14.30 Auer mat den dräi Bauprojetën unzefänken. Mir hun drop verzicht, fir d'Diskussioun iwwer d'Déchetën ze féieren, fir kënne mat de Konventiounen de Mueren ofzeschleissen. Ech géing Iech bieden, d'Diskussioun vum Projet de loi 4394 op de Mëtteg ze verschiben, well mir gin de Mëtteg ganz gutt fäerdeg mam Programm.

M. le Président.- D'Commission de Travail war gëschter Mëtteg zesummekomm an huet am Liicht vun där Tatsaach, dass den Här Calmes séng Interpellatioun zrëckgezun huet, den Ordre du jour ëngeännert an et as déi-deiert gin - den Ordre du jour as ausgedeelt gin -, dass mer géingen de Muere virufueren. Mir packen en tout cas ganz gutt eisen Ordre du jour.

Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President. Ech géing proposéieren, fir de Projet iwwer de Palais de Justice, de 4433, de Muere virzehuelen, well et dee sécherlech as, deen am manste Problemer wäird opwerfen, an de Mëtteg déi zwee aner Projetën ze diskutéieren.

M. le Président. - Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR). - Här President. Jidferree weess wéi den Ordre du jour modifizéiert gin as. Ech gesi wierklech elo keng Ursaach, fir ze soen, mir géheien dat op d'Kopp, well eng Parti Leit de Mëtteg nët hei sin.

De Rapport läit jidferengem vir. Och wann de Rapport nët gemaacht gët viru Mëtteg, as jo näischt geschitt.

M. le Président. - Et as dee selwechte Ressortminister, deen do as. D'Proposition as gemaacht gin an ech huelen un, dass d'Mehrheet dermat d'accord as. Mir diskutéieren dann elo de Projet de loi 4433 iwwer den Embau vum europäesche Gerichtshaff.

D'Mme Brasseur huet d'Wuert.

Mme Anne Brasseur (DP). - Här President. Kënn ech zur Organisation vum onsen Aarbechte froen, bis wéivill Auer Der gedenkt ze fueren?

M. le Président. - Mir lauschteren de Rapporteur a mir hale géint 12 Auer op.

Mme Anne Brasseur (DP). - Här President, gët de Mueren nach d'Diskussion ugefaangen oder nët?

M. le Président. - Et sin dräi Leit agedroë fir d'Diskussion. Wann de Rapporteur nëmmen eng Véierelstonn schwätzt, da si mer um 11.45 Auer fäerdeg. D'accord?

(Assentiment)

Den Här Mathias Greisch huet d'Wuert.

3. Projet de loi 4433 autorisant le Gouvernement à faire mettre en oeuvre les travaux et mesures provisoires nécessaires à l'extension et à la réhabilitation du Palais de la Cour de Justice des Communautés européennes à Luxembourg-Kirchberg

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Mathias Greisch (LSAP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Am Rapport war e klengen Irtum a mir hun e Corrigendum nogeschéckt. En as awer esou gedréckt, wéi de Corrigendum et virgesäit.

Am Projet 4433 wëlle mir Zousaazarbechten an Erneierungen un de Gebaier vum europäesche Gerichtshaff um Kiirchbiereg virhuelen. Souwéi och d'Erneierung an d'Zuuefuegungstelle vum neie Büroen. Dese Projet 4433 bréngt eis awer nach nët déi méi grouss Ausbau- a Vergréisserungsarbechten vum der Cour de Justice. Mä des Aarbechten aus dem virleiende Projet sin onëmgängelech, fir d'Asbestsanéierung duerchzeféieren, an domat och déi 4. Extensioon maachen ze kënnen. Et as kee grousser Projet, mä et gi vill Aarbechte gemaacht, déi och e respektabele Präis hun : 744 Milliounen + 156 Milliounen.

Den europäesche Gerichtshaff as eng vun denen europäeschen Institutionen, déi hire feste Sëtz hei zu Lëtzebuerg hun, laut Beschloss vum Edinburgh vum November 1993. Et as ee vun dene 4 Piliere vum der Europäescher Unioun.

Ouni wëlle grouss den Historique vum europäesche Gerichtshaff ze maachen, sief drun erënnert, dass den europäesche Gerichtshaff säit 1952 zu Lëtzebuerg as. Den europäesche Gerichtshaff war am Ufank an der Villa

Vauban. Zënter 1972 as en um Kiirchbiereg an deem gro-bronge Metalbau aus Corten oder Corox, wéi och heiansdo gesot gët. Mä en as an der Folgezäit vergréissert gin.

- D'Gesetz vum 1965 war de Stolbau, deemols vu 550 Milliounen.

- Déi éischt Extensioon A - dat Gebai wat riets steet - heescht Bâtiment Erasme. Dat war d'Gesetz vum 25. Juli 1985 an huet 1 Milliard 320 Milliounen kascht.

- Déi zweet Extensioon B - dat zweet Gebai wat lénks steet - heescht Bâtiment Thomas Moore. Dat war d'Gesetz vum 1. Juni 1989 an huet 1 Milliard 750 Milliounen kascht.

- Déi drët Extensioon C - den Héichbau mat den Tiirm - as den Tribunal de première instance. Dat war d'Gesetz vum 18. Dezember 1990 an huet 870 Milliounen kascht.

- Véiertens gouf en Ausbau, nei Büroen, e Stack op den Tour an eng Sortie um Boulevard Konrad Adenauer gemaacht. Dat war d'Gesetz vum 28. Dezember 1992 an huet 740 Milliounen kascht.

Bis haut huet d'Regierung scho 5 Milliarden an 230 Milliounen fir den europäesche Gerichtshaff ausgin.

D'Zuel vum de Büroen, déi de Gerichtshaff zur Verfügung huet, wäerd bei ronn 1.000 Stéck leien. Et schaffe ronn 1.100 Fonctionnaires beim Gerichtshaff. D'Zuel vum de Fonctionnaires as vu Jor zu Jor an d'Luucht gaangen. Engersäits duerch d'Zouhuele vum den Affären insgesamt. Zweetens duerch d'Schafung vum Tribunal de première instance. Drëtens duerch de Bättrëtt vum neie Memberstaten, wéi Éisträich, Schweden a Finland. 1992 as gesot gin, dass d'Zuel vum de Fonctionnaires an d'Luucht geet, an et as ugehooll gin, dass e Land mat enger Sprooch, déi schon do as, e plus vun 20 Leit kritt, an dass e Land mat enger neier Sprooch e plus vu 50 Leit kritt.

Schon no der drëtter Extensioon vum 1990 as sech Gedanken a Richtung Weidervergréisserung gemaacht gin. Et gouf vum enger Fläch vu 60.000 m² geschwat.

Bei de Projete vum 1990 an 1992 gouf scho geschwat, dass de Palais wéinst der Asbestpresenz komplett geraumt misst gin. De Projet vum haut gët dann elo den Démarrage vum der Asbestsanéierung a vum Weiderausbau.

Dass dat nët esou séier virugaangen as wéi gemengt, as nët d'Schold vum der Regierung, mä drop zréckzeféieren, dass et laang a schwiereg Verhandlungen mat der Cour gouf. D'Virschléi goufen nët all acceptéiert an d'Servicer sollten all beienee bleiwen. Et war hinne keng Proposition gutt genuch. Schlussendlech as och nach de Rapport vum däitschen Expert iwwer den Asbest dobäi komm, sou wéi d'Geschicht vum Berlaymont.

Et goufe stänneg Asbestprouwe geholl, wou d'Resultater nët esou dramatesch, mä dréngend genuch waren. Et si stänneg punktuell Sanéierung virgeholl gin. An eenzelne Säll as de Plafond mat enger spezieller Tapët zougepecht gin. Eenzel Raimlechte si komplett zougemaacht gin.

D'Regierung - als Propriétaire - war an as gefuerdert, fir mei Plaz ze besueren an dem Iwwel op de Fong ze goen. Fir dat ze erreechen, gët folgende Programm virgeschloë fir de Palais komplett eidel ze maachen:

- D'Membere vum der Cour an d'Bibliothèque centrale aus dem Palais gin an den Tribunal de première instance transferéiert.

- De Greffe vum der Cour gët am Bâtiment Erasme ënnerbruecht.